N°4028
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4028 vum 4. Mee 2026 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Luc Emering zum Sujet "Homejacking".

1. Wéi vill Fäll vun Homejacking gouf et bis ewell zanter 2019 ? Wat fir Persounen oder Famille si besonnesch viséiert ?

De Begréff „Homejacking" existéiert net am Code pénal als eegestänneg juristesch Kategorie a gëtt deemno och net an den Datebanke vun der Police opgefouert.

Der Police hier Datebanke gesi follgend zwou Kategorië vir, déi der Fro vum honorabelen Deputéierten am nooste kommen :

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| *Déifstall mat Gewalt an Drohungen an engem bewunnten Haus* | 14 | 22 | 17 | 44 | 27 | 32 | 34 |
| *Déifstall mat Gewalt an Waffen an engem bewunnten Haus* | 3 | 4 | 3 | 10 | 5 | 3 | 11 |
| | **17** | **26** | **20** | **54** | **32** | **35** | **45** |

Am Zäitraum vun 2019 bis 2025 goufen national 229 Fäll an deenen zwou Kategorië statistesch festgehale.

Spezifesch Zilgruppe ginn net erfaasst an Affer ginn net kategoriséiert.

2. A wéi ville Fäll vun Homejacking koume Persoune kierperlech zu Schued ?

Am Zäitraum vun 2019 bis 2025 sinn a 14 Fäll kierperleche Verletzunge bei den Affer gemellt ginn, an der Moyenne also 2 Fäll d'Joer.

3. Wat fir Géigestänn goufen an deem Zesummenhang virun allem geklaut ?

Et ginn haaptsächlech Boergeld, Bijouen a Luxusaueren, Handyen a Laptoppe geklaut. Autoen si méi seele viséiert.

4. Gëtt et an der Police eng Berodungsstell fir den Affer vun Homejacking psychologesch zur Säit ze stoen ?

De Service national de prévention de la criminalité (SNPC) ass d'Berodungsstell vun der Police am Beräich Abrochpreventioun an allgemenger Sécherheet vu Gebaier. No engem Abroch respektiv engem 'Homejacking' ginn déi betraffe Persoune vun der Police, déi d'Plainte op der Plaz opgeholl huet, informéiert an op dëse Service verwisen.

D'Demande fir eng Berodung, besonnesch bei Affer vun Abroch oder 'Homejacking', gëtt prioritär behandelt. Op der Plaz gëtt zesumme mat de betraffene Persounen d'Situatioun analyséiert an individuell Moossnamen zur Verbesserung vun der Sécherheet vum Wunnraum ausgeschafft, souwuel am Beräich vun der mechanescher Ofsécherung (Dieren, Fënsteren, Perimeterschutz) wéi och am Beräich vun der technescher Ofsécherung (Alarmanlagen, Videoiwwerwaachung, Beweegungsmelder, Beliichtung, etc.).
Parallel zur Berodung gëtt versicht de Leit psychologesch Hëllefsstellungen ze ginn, wéi si déi entspriechend Sécherheetsmesuren ëmsetze kënnen. D'Leit ginn och encouragéiert, sech bei Bedarf un eng professionell psychologesch Hëllef ze wenden, besonnesch wann si Affer vu Gewalt waren an en traumatescht Erliefnes haten.

Den SNPC kann zu all Moment preventiv a gratis ugefrot ginn.

5. Iwwer wat fir eng Weeër sensibiliséiert d'Police d'Leit, déi éischter wéi anerer Affer vun Homejacking kéinte ginn a wat réit si hinne konkret fir sech besser ze schützen ?"

Affer oder potentiell Affer ginn net kategoriséiert. Den SNPC mécht Berodunge fir all Bierger op Demande a bitt zousätzlech gratis Formatiounen un am Beräich allgemeng Sécherheet fir Banken, Firmen Administratiounen, Tankstellen-Bedreiwer, Ministèren, Schoulen a Gemengen.

Eng wichteg Recommandatioun, déi vun der Police ëmmer vermëttelt gëtt, ass, net ze vill Informatiounen iwwer seng privat oder berufflech Situatioun op de soziale Medien ze deelen. Nieft de mechaneschen an technesche Sécherheetsmesurë fir selwer säin Doheem géint déi verschiddenst Forme vu Kriminalitéit ze schützen, spillt och d'Verhale vun de Leit eng wichteg Roll.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden